N°2265
Entrée le 29.04.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 29.04.2025
Chambre des Députés

LSAP

Ministère de l'Agriculture, de l'Alimentation et de la Viticulture 8
Référence : 264/25
9 AVR. 2025
A traiter par
Copie à

Monsieur Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 28. Abrëll 2025

Här Präsident,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, un d'Madamm Ministesch fir Konsumenteschutz a fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau an un d'Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet weiderzeleeden.

Eng rezent Etüd vum Netzwierk *Pesticide Action Network Europe* (PAN Europe), iwwer déi de Mouvement écologique informéiert huet, huet gewisen, dass och lëtzebuergesch Wäiner staark mat Pestizidreschter a besonneg mat der Trifluoressigsäure (TFA) belaascht sinn. Déi analyséiert lëtzebuergesch Wäiner hu bis zu sechs verschidde Pestiziden enthale – dorënner och dat pilzbekämpfend Mëttel Folpet – souwéi TFA a Konzentratioune vun deels bis zu 50 Mikrogramm pro Liter. Domat leien se däitlech iwwer dem Referenzwäert vu 12 Mikrogramm pro Liter fir Drénkwaasser, dee vun der lëtzebuergescher Gesondheetsdirektioun (DISA) festgeluecht gouf.

Den TFA gehéiert zu der Famill vun de PFAS a gëllt als persistent a potenziell fortpflanzungsschiedlech. Eng esou héich Belaaschtung verstéisst net nëmmen géint d'Gesetzer vum Ëmweltschutz, mee och géint d'Vertraue vun de Konsument*innen an d'national Produkter. Am Kader vum Aktiounsplang „PAN-Bio 2025" soll awer genau dëst Vertrauen duerch eng Stäerkung vun der biologescher Landwirtschaft zeréckgewonne ginn an d'Ëmwelt entlaascht ginn.

An deem Zesummenhang stelle mir gäre follgend Froe:

1. Wéi bewäert d'Regierung d'Resultater vun der Etüd betreffend d'Belaaschtung vu lëtzebuergesche Wäiner mat Pestiziden an am besonneschen dem PFAS TFA? Si méi ëmfaassend a systematesch Analysen geplangt oder scho lancéiert, fir déi tatsächlech Belaaschtungslag besser aschätzen ze kënnen?
2. Wéi schätzt d'Regierung d'Ausso an, dass d'Pestizidbelaaschtung am Groussherzogtum am EU-Verglach besonnesch héich wier? Wéieng konkret Moossname si virgesinn, fir dës Belaaschtung ze reduzéieren?
3. Wéi wäit sinn d'Aarbechten, fir d'Hierkonft vun der TFA-Belaaschtung am Grondwaasser an um Buedem ze préiwen, drun?
4. Ass d'Regierung der Meenung, dass een e Grenzwäert fir TFA oder aner PFAS- a Pestizidreschter am Wäin hei zu Lëtzebuerg misst aféieren?
5. Ass geplangt, déi biologesch Produktiounsmethoden am Wäibau weider z'ënnerstëtzen oder auszeweiten, fir esou Réckstänn an Zukunft auszeschléissen – och am Kontext vun de Schwieregkeeten, déi d'Branche selwer nennt (z.B. Käschten, Krankheetsufällegkeet)?

#ZESUMMEN
Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg
Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu
lsap.lu

6. Gëtt dru geduecht, Wënzer*innen zukünfteg ze encouragéieren oder ze verflichten, reegelméisseg Eegenanalysen op Réckstänn wéi TFA duerchzeféieren, fir méi Transparenz vis-à-vis vun de Konsument*innen a Produzent*innen ze schafen?
7. Ass am Kader vum PAN-Bio 2025 virgesinn, d'Ëmweltanalysen op TFA an änlech Substanzen a Liewensmëttel a landwirtschaftlech Produkter auszebauen? A wéi wäit ginn am Aktiounsplang Moossname geholl, fir der Verbreedung vu PFAS an am besonneschen TFA am Buedem, an de Planzen an Endprodukter entgéintzewierken?
8. Ass d'Regierung gewëllt, eng flächendeckend Analyse vu weidere lëtzebuergesche landwirtschaftleche Produiten op TFA an anere PFAS duerchzeféieren?
9. Wéi eng Positioun vertrëtt Lëtzebuerg op EU-Niveau a) zur méi strenger Reguléierung vu PFAS/Chemikalien am Kader vun der EU-Chemikaliendirektiv? b) fir eng nohalteg Ausriichtung vun der EU-Agrarpolitik am Sënn vum Biolandbau an dem Virsiichtsprinzip?

Mat déiwem Respekt,

Claire Delcourt
Deputéiert

Franz Fayot
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture,
de l'Alimentation et de la Viticulture

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau, vum Minister fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit an vun der Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n°2265 vum 28. Abrëll 2025 vun den éierewäerten Députéierten Claire Delcourt an Franz Fayot**

1. **Wéi bewäert d'Regierung d'Resultater vun der Etüd betreffend d'Belaaschtung vu lëtzebuergesche Wäiner mat Pestiziden an am besonneschen dem PFAS TFA? Si méi ëmfaassend a systematesch Analyse geplangt oder scho lancéiert, fir déi tatsächlech Belaaschtungslag besser aschätzen ze kënnen?**

Miessunge vun enger Ëmweltschutzorganisatioun op kommerziell verkaafte Wäiner hu Spuere vun TFA (Trifluoressigsäure) opgewisen. Di duerchschnëttlech Konzentratioun louch bei 0,122 Milligramm (mg) pro Liter (l), mam héchste Wäert vun 0,320 mg/l. An der Etüd goufen och 3 Lëtzebuerger Wäiner analyséiert: e rouden, e wäissen an e Rosé, wat laut Rapport vum PAN Europe pilzresistent Riefzorte solle sinn. Allerdéngs, sinn dës Wäiner am Tableau als Pinot Noir, Pinot Gris a Pinot rose ausgewisen; an dat si keng pilzresistent Zorten. Bei deenen 3 Wäiner aus Lëtzebuerg koumen d'Drauwen aus der selwechter Kellerei a si vun dem selwechten Millésime. Deemno leien di Wäerter di gemooss goufe relativ no beieneen (0.046 mg/L, 0.051 mg/L an 0.053 mg/L). Dëst deit drop hin, dass relativ kleng Variatioune bei vergläichbare Kulturbedéngungen optriede kënnen. Et ass wichteg ze bemierken, dass des Etüd mat 3 Prouwe Wäi vun dem selwechte Wënzer net op eng repräsentativ Aart a Weis kann déi eventuell Belaaschtung vu Lëtzebuerger Produiten erëmspigelen.

Sou wéi et aktuell aus wëssenschaftlecher Literatur an aus der Risikobewäertung ervirgeet, stellt de Wäin duerch den TFA Gehalt weder e Risiko fir de Konsument duer, nach dréit e signifikant zur Liewensmëttelkontaminatioun mat der Substanz bäi.

2. **Wéi schätzt d'Regierung d'Ausso an, dass d'Pestizidbelaaschtung am Groossherzogtum am EU-Verglach besonnesch héich wier? Wéi eng konkret Moossnamen si virgesinn, fir dës Belaaschtung ze reduzéieren?**

An der QP n°2185 vum 3. Abrëll 2025 gouf dat Thema vum Nationalen Aktiounsplang zur Reduzéierung an der Benotzung vu Planzeschutzmëttel opgegraff.

D'Mesuren, déi säit der Adoptioun vum Nationalen Aktiounsplang geholl goufen, hunn et erméiglecht:

**a)** d'Quantitéit u wierksame Substanzen am Allgemengen ze reduzéieren;
**b)** d'Gesondheet vum Mënsch an d'Ëmwelt a verschiddene spezifesche Beräicher besser ze schützen;
**c)** zouverlässeg Statistiken iwwer d'Notzung vu phytopharmazeutesche Produkter opzesetzen.

3. **Wéi wäit sinn d'Aarbechten, fir d'Hierkonft vun der TFA-Belaaschtung am Grondwaasser an um Buedem ze préiwen, drun?**

Den Rapport vum *groupe interministériel PFAS* gëtt deemnächst un déi zoustänneg Ministeren verschéckt. D'Evaluatioune vun der Waasserverwaltung hunn erginn dass den TFA virun allem aus industriellen Sourcen (via de Reen) an duerch landwirtschaftlech Aktivitéiten an d'Grondwaasser gelaangt. Den TFA gëtt nëmme ganz limitéiert am Buedem gebonnen a gelaangt virun allem an d'Uewerflächen- a Grondwaasser.

4. **Ass d'Regierung der Meenung, dass een e Grenzwäert fir TFA oder aner PFAS- a Pestizidreschter am Wäin hei zu Lëtzebuerg misst aféieren?**

De Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau huet aktiv Memberen am informellen *groupe interministériel PFAS*, déi Vertrieder vum Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, dem Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet, dem Ministère fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau souwéi déi zoustänneg Verwaltungen, zesummebréngt. Dëse Grupp suivéiert an evaluéiert déi nei wëssenschaftlech Erkenntnisser, fir dem Regierungsrot méiglech national Moossnamen ze proposéieren, déi d'Presenz vu PFAS/TFA an der Ëmwelt reduzéiere kéinten. Gläichzäiteg déngt d'Grupp als Plattform fir den Austausch vun den neisten Entwécklungen op nationalem an internationalem Niveau.

Den MAAV suivéiert och d'Entwécklung vun den Aarbechten op europäeschem Plang a setzt sech fir eng Harmoniséierung vun den Aktiounen a Limitten an, déi fir all EU-Memberstaate gëllen. Hei wäert eng wichteg Etapp den neien Avis vun der EFSA *(European Food Safety Authority)* zum TFA sinn, deen Enn 2025 oder Ufank 2026 soll publizéiert ginn.

Falls eng Bewäertung vun engem contaminéierte Produit e Risiko fir de Konsument géing weisen, géif de Produit vum Maart zeréckgezu gi respektiv e Réckruff a Verkafsverbuet initiéiert ginn.

Et gi Grenzwäerter fir Pestizidréckstänn (Maximum Residue Level, MRL), déi fir Liewensmëttel, dorënner och d'Drauwen, déi benotzt gi fir de Wäin ze maachen (Raisins de cuve), musse respektéiert ginn[1].

5. **Ass geplangt, déi biologesch Produktiounsmethoden am Wäibau weider z'ënnerstëtzen oder auszewäiten, fir esou Réckstänn an Zukunft auszeschléissen – och am Kontext vun de Schwieregkeeten, déi d'Branche selwer nennt (z.B. Käschten, Krankheetsufällegkeet)?**

Am Kader vum PANbio2025 ginn esou wuel Produktiounsmethode vu Biolandwirtschaft ewéi Biowäibau promovéiert. Dëst ass eng zolidd Basis, fir d'Vertraue vum Konsument an déi national Primärproduktioun ze erhale resp. ze stäerken.
Wat den TFA betrëfft konnt op Basis vun der Etüd vun der Ëmweltschutzorganisatioun kee signifikanten Ënnerscheed tëscht Bio an konventionellen Wäiner festgestallt ginn. Et gëllt ze bemierken, dass dës Etüd sech op enger limitéiert Unzuel vun Bio Wäiner baséiert.

---

[1] Résidus de pesticides dans les denrées alimentaires et les aliments pour animaux | EUR-Lex

6. **Gëtt dru geduecht, Wënzer*innen zukünfteg ze encouragéieren oder ze verflichten, reegelméisseg Eegenanalysen op Réckstänn wéi TFA duerchzeféieren, fir méi Transparenz vis-à-vis vun de Konsument*innen a Produzent*innen ze schafen?**

D'Rechtslag am Secteur vun der Liewensmëttelproduktioun ass kloer definéiert:

D'Betriber am Liewensmëttelsecteur si verpflicht, d'Prinzippie vum HACCP-System ëmzesetzen, wéi et am Reglement (EG) Nr. 852/2004 vum 29. Abrëll 2004, Artikel 5, festgeluecht ass. Am Kader vun dëser Prozedur muss de Betrib, wann eng Gefor fir de Konsument festgestallt gëtt, Moossnamen huelen, fir dës Gefor ze eliminéieren oder op en akzeptabelen Niveau erofzesetzen.

Eng Gefor gëtt am Reglement (EG) Nr. 178/2002 vum 28. Januar 2002 definéiert als e Liewensmëttel, dat gesondheetsschiedlech oder net gëeegent fir de Konsum ass. Des Weidere seet dëst Reglement, dass wann e Bedreiwer vun engem Liewensmëttelbetrib mengt oder Grond huet ze gleewen, datt e Liewensmëttel, dat hien importéiert, produzéiert, veraarbecht, fabrizéiert oder verdeelt huet, net den Ufuerderunge betreffend d'Liewensmëttelsécherheet erfëllt, muss hien direkt Prozedure fir de Réckzuch vum betreffende Liewensmëttel vum Maart initiéieren, [...], an informéiert déi zoustänneg Autoritéiten doriwwer.

7. **Ass am Kader vum PAN-Bio 2025 virgesinn, d'Ëmweltanalysen op TFA an änlech Substanzen a Liewensmëttel a landwirtschaftlech Produkter auszebauen? A wéi wäit ginn am Aktiounsplang Moossname geholl, fir der Verbreedung vu PFAS an am besonneschen TFA am Buedem, an de Planzen an Endprodukter entgéintzewierken?**

De PANBio2025 ass en Place fir den Undeel vu Biolandwirtschaft a Bio-Wäibau hei zu Lëtzebuerg auszebauen. De PANBio2025 als solches ass net zoustänneg fir Ëmweltanalysen duerchzeféieren.

Wéi schonn gesot ass en informellen *groupe interministériel PFAS* geschaf ginn . Dësen Grupp ass am Gaang Moossnamen auszeschaffen, déi ënner anerem dozou bäidroe sollen, d'Konzentratioune vun TFA an den Uewerflächen-, Grond- a Drénkwaasser ze reduzéieren. Dës Propose sollen deemnächst den zoustännege Ministeren virgeluecht ginn.

Méi Informatiounen heizou kënnen och an der QP n°1702 vum 20. Dezember 2024 consultéiert ginn.

8. **Ass d'Regierung gewëllt, eng flächendeckend Analyse vu weidere lëtzebuergesche landwirtschaftleche Produiten op TFA an anere PFAS duerchzeféieren?**

Fir Liewensmëttel vun déiereschem Ursprong sinn am Reglement (UE) 2023/915 Limitte fir PFAS virgeschriwwen. Déi Produite ginn och reegelméisseg vun der Veterinaire- a Liewensmëttelverwaltung (ALVA) op PFAS getest. Gemäβ der Recommandatioun vun der Kommissioun vum 24. August 2022 zum Monitoring vu PFAS-Substanze ginn och aktuell Liewensmëttel vun net déiereschem Ursprong prelevéiert an analyséiert.

D'ALVA huet am Joer 2023 21 Echantillonen aus Déiereprodukter analyséiert, an am Joer 2024 koumen 137 Echantillonen dobäi, vun deenen der 34 vun déiereschem Ursprong waren. D'Resultater ginn un d'europäesch Liewensmëttelsécherheets-Agence (EFSA) iwwermëttelt a fléisse mat an

d’Risikobewäertung, déi op europäeschem Niveau duerchgefouert gëtt. Et ass och wichteg ze betounen, dass duerch d’Verbesserung vun der Analytik bei de PFAS-Analysen ëmmer méi geréng Quantitéiten u PFAS kënne fonnt ginn. Loung d’Detektiounslimitt am Joer 2023 am Liewensmëttel vun net déiereschem Ursprong nach béi 50ng/kg konnt se am Joer 2024 op 1 ng erofgeschrauft ginn.

All Informatiounen zu de Kontrollcampagnen am Zesummenhang mat PFAS sinn an der Fiche scientifique um Portail fir Liewensmëttelsécherheet ze fannen:

https://securite-alimentaire.public.lu/fr/publications/fiches/pfas.html

D’Kontrollpläng fir d’Analyse vum TFA ginn am Aklang mam EU-Reglement 2017/625 vum 15. Mäerz 2017 ëmgesat a baséieren op enger Risikobewäertung, déi follgend Elementer berücksichtegt:

- D’Avise vun der EFSA iwwert de Risiko vum TFA,
- D’Informatiounen aus wëssenschaftleche Publikatiounen,
- D’Conclusioune vum interministerielle Grupp, deen sech mat PFAS befaasst,
- Eventuell Alerten, déi iwwert den internationale Kooperatiounsreseau RASFF gemellt ginn,
- D’Harmoniséierungspositiounen op europäeschem Niveau,
- D’analytesch Méiglechkeeten, déi vun de Laboratoiren ugebuede ginn.

D’Kontroll vum TFA huet am Joer 2025 ugefaangen a konzentréiert sech de Moment op Mineral- a Quellewaasser.

Ausserdeem analyséiert d’ALVA am Kader vun de Pestizid-Analysen och Réckstänn vu fluorinéierten Pestiziden. D’Resultater vun den Analysen op Pestiziden, déi vun der ALVA tëscht 2011 a 2023 duerchgefouert goufen, weisen, datt insgesamt 5407 Echantillonen analyséiert goufen. Vun deene waren 2591 (47,9 %) positiv op Pestizidréckstänn. Aus dësen 2591 Echantillonen hu 625 (23,5 %) fluoréiert Pestizidréckstänn (PFAS) enthalen, wéi se op der Lëscht vun der ECHA definéiert sinn. 12 Echantillonen, dat entsprécht 0,22 % vun allen analyséierten Echantillonen, hu Konzentratioune vu fluoréierte Pestizidréckstänn gewisen, déi d’gesetzlech Limite iwwerschratt hunn. Bei deene Liewensmëttel goufen dann déi adequat Mesurë geholl, fir d’Gesondheet vum Konsument ze schützen.

**9. Wéi eng Positioun vertrëtt Lëtzebuerg op EU-Niveau**

**a) zur méi strenger Reguléierung vu PFAS/Chemikalien am Kader vun der EU-Chemikaliendirektiv?**

An den Aarbechtsgruppen op europäeschem Niveau ënnerstëtzt Lëtzebuerg all Decisiounen zum Schutz vum Konsument, déi op wëssenschaftlecher Ebene duerch Avise vun der EFSA ënnerstëtzt ginn. Lëtzebuerg ass ëmmer fir eng harmoniséiert Approche an der europäescher Unioun.

D’Regierung vertrëtt d’Positioun, datt eng méi streng Reguléierung vun TFA an anere PFAS néideg ass. An dësem Kontext ënnerstëtzt si och déi geplangten universell Restriktioun vu PFAS, déi aktuell am Kader vun der EU-Chemikaliendirektiv ausgeschafft gëtt.

**b) fir eng nohalteg Ausriichtung vun der EU-Agrarpolitik am Sënn vum Biolandbau an dem Virsiichtsprinzip?**

Op europäeschem Niveau ginn et ëmmer méi Initiative fir d'PFAS (déi e Risiko fir d'mënschlech Gesondheet duerstellen) besser ze reguléieren :

- No enger Ufro vun der Europäescher Kommissioun iwwerpréift aktuell d'EFSA (The European Food Safety Authority) an Zesummenaarbecht mat der ECHA (European Chemicals Agency) de maximale recommandéierte Wäert fir de Gesondheetsschutz fir den TFA.
- D'national Autoritéiten aus Dänemark, Däitschland, Holland, Norwegen a Schweden hunn eng Restriktiounspropositioun fir méi wéi 10.000 per- a polyfluoroalkyl Substanzen (PFAS) bei der Europäescher Chemikalienagentur (ECHA) agereecht, déi aktuell eng wëssenschaftlech Evaluatioun duerchféiert.[2]

Lëtzebuerg, den 10. Juni 2025

(s.) Martine HANSEN

Ministesch fir Landwirtschaft, Ernärung a Wäibau

[2] All news - ECHA